Paroecia Atertdall

# Par Atertdall Sainte-Claire

**Parbréif vum 22. Mee bis 14. Juli 2024**

**N° 3/2024 – Jg. 8**



**Kierch Saint-Michel vu Viichten ass nei ugestrach ginn.**
**E grousse Merci der Gemeng Viichten,**
**an de Benevollen, déi d'Kierch aus- an ageraumt hunn!**

# PAR ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

Kierchen:

Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl

aus de Gemengen:

Biekerech, Ell, Groussbus-Wahl, Préizerdaul, Réiden, Useldeng, Viichten



**PARZENTRUM:**
**40, Grand'rue**
**L- 8510 Redange-Attert**
E-Mail: atertdall@cathol.lu

Site: https://cathol.lu/atertdall
Facebook: Par Atertdall Sainte-Claire | Facebook

**Kontosnummer: BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**

## PASTORALEQUIPE :



Père Jean-Jacques FLAMMANG S.C.J., curé-doyen
Tél: 661 746 852 Mail: jean-jacques.flammang@cathol.lu
Abbé Vincent BILLOT, subsidiaire / vincent.billot@cathol.lu
Abbé Jacques BAGNOUD, subsidiaire / jacques.bagnoud@cathol.lu

**KATECHES:** par.atertdall.cate@gmail.com
Abbé Vincent BILLOT, responsable de la catéchèse



**KRANKEN- & ALTENPASTORAL:**
Marie Claire Rasqué Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

**BEGRIEFNISPASTORAL / Téléphone d'urgence: Tél. 621 686 102**

**SEKRETARIAT & BESTELLUNGEN vu MASSEN:**

Michèle ASSERAY, secrétaire Tél: 23 62 10 53 atertdall@cathol.lu

**Heures d'ouverture du secrétariat paroissial:**
**mardi, mercredi, jeudi 9h00 - 11h30 & sur rendez-vous**




D'Sekretariat ass zou vum / le secrétariat sera fermé du
**22.5.-24.5.2024 & 10.7.2024**
**En l'absence, veuillez appeler le 661 746 852**

## UMELDUNGEN

- fir eng **DAF** oder e **BESTIETNIS** ginn nëmmen am Parbüro ugeholl.

Viraussetzungen fir eng **DAF**:
- Rendez-vous mam Paschtouer mindestens 2 Méint virum gewënschten Datum (bréngt w.e.g. vu Pätter a Giedel e Firmschäin mat)

Viraussetzungen fir e **BESTIETNIS**:
- Umeldungen w.e.g. 1 Joer virum gewënschten Datum. (wéinst dem Deelhuelen un den Ehevirbereedungscours'en).

**INSCRIPTIONS** pour un **baptême** ou un **mariage** sont à adresser uniquement au secrétariat paroissial.

Conditions préalables pour un **baptême**:
Rendez-vous avec le prêtre au moins 2 mois avant la date désirée.
(Amenez s.v.pl. les certificats de confirmation de la marraine et du parrain)

Conditions préalables pour un **mariage**:
Inscription 1 an avant la date désirée et participation à la formation de préparation au mariage.

**NEWSLETTER – ABONNEMENT:**

- D'Pastoraléquipe verschéckt regelméissig Neiegkeeten aus der Par per Mail un all Interesséiert Leit. Wann Dir iech wëllt abonnéieren, meld iech w.e.gl. am Parbüro mat engem Message per Mail un atertdall@cathol.lu

Léiwe Lieser vum **Parbréif**,
Dir sidd eisem Opruff nokomm fir eise Parbréif z'ënnerstëtzen.
De **Parbréif** kënnt ca. 6 Mol am Joer eraus, mat enger Oplo vun 1.500 Exemplairen. Entretien an Locatioun vun der Photokopiesmaschinn an de Pabeier loossen Onkäschte vun iwwer 6.000.- € entstoen.
Eis ass de Parbréif dat wäert!
Heimatt maachen mir weiderhin een häerzlichen Appel, fir Iech un dësen Onkäschten ze bedeelegen.

**E groussen MERCI fir all Iwwerweisung op de Kont**

**BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**

(Kierchefong - Par Atertdall)

Déi Leit, déi de Parbréif gären iwwer Mail hätten sollen sech iwwert atertdall@cathol.lu mellen.

**De nächste Parbréif geet vum**
**>>> 15. Juli bis 22. September 2024 !!! <<<**
**Redaktiounsschluss ass Donneschdig, den 20.6.2024.**

# INFO iwwert eis Par Atertdall Sainte-Claire

Mat Freed kënne mer op Ouschteren, d'Eischt Kommiounen an d'Oktavzäit an eiser Par zeréckkucken. Vill gutt besichten Gottesdéngschter kunnten gefeiert ginn, an esou soen mer all deene Benevollen e grousse Merci, déi tatkräfteg ëmmer erëm fir Par sech engagéieren a matschaffen.

## L'ABBE VINCENT BILLOT, DOCTEUR EN THEOLOGIE

Den 22. Abrëll 2024 huet den Abbé Vincent Billot seng These an der Theologie op der Universitéit zu Louvain-la-Neuve brillant verdeedegt an ass zum « Docteur en théologie » vun der Université catholique de Louvain proclaméiert ginn.
Him eis allerbeschten Félicitatiounen.




E Freiden, den **28. Juni**, wäert hien eis iwwert seng Doktoraarbecht informéieren, **um 19.00 Auer am Centre culturel zu Iewerleng**. Den Titel vun dem Owend ass: *« Romano Guardini et les enjeux de la théologie d'aujourd'hui - Présentation de la thèse du docteur Vincent Billot ».* Jidder Interesséierten ass häerzlech invitéiert un dësem Owend deelzehuelen.

## KATECHES A KOMMIOUN

D'Mme Joke de Kroon, eis Pastoralassistentin a Katechetin, ass pensionnéiert ginn. Mir kunnten zesummen eng schéin Danksagungsmass zu Ell feieren.
Mir kréien keng nei haaptamtlech Matarbrechterin méi an d'Par, an esou mussen verschidden Domänen an der Pastoral nei mat Benevollen organiséiert ginn.

Besonnesch wichteg sinn d'Kateches an d'Virbereedung op d'Eischt Kommioun, déi nächst Joer ënnert der Leedung vum *Abbé Vincent Billot* fir eis Kanner organiséiert ginn. Wéi Dir hei am Parbréif **(S.7)** gesitt, ass et elo schon méiglech, an och gutt a néideg, d'Kanner fir **d'Pastoraljoer 2024/2025** anzeschreiwen. Déi néideg Informatiounen fannt Dir op eisem Internet-Site, oder Dir kënnt iech am Parbüro informéieren.

## FORUM VUM PASTORALROT

Wéi d'Statuten vum Pastoralrot et virgesinn, gëtt och dëst Joer e FORUM fir d'Par organiséiert, an zwar sonndes, den **30. Juni vun 18.30 - 21.00 Auer** am Centre polyvalent zu Réiden.
Um Programm stinn e Réckbléck an en Ausbléck op d'Liewen an der Par. Jiddereen kann dann och seng Meenung zu deenen neien Aspekter an Ännerungen an eisen Dierfer soen. Et kann een dann och dem Pastoralrot Virschléi mat op de Wee an dat neit Pastoraljoer ginn. **2025 ass en Hellegt Joer** weltwäit, an zu Lëtzebuerg ass de **400. Jubiläum vun der Muttergottes-Oktav**. De Kardinol hat eis an engem Schreiwes dorop opmierksam gemaach, an als Par Atertdall Sainte-Claire wëllen och mir un dësem Jubiläum mat verschiddenen Aktivitéiten deelhuelen. Och doriwwer wäerte mer um Forum austauschen.

## OASIS - EN DAG AN DER STËLLT

Am Joer vum Gebiet, dat eis op d'Hellegt Joer 2025 virbereede soll, ginn d'Communautés de Vie Chrétienne (CVX) Méiglechkeet zu Medernach bei de Schwësteren (Centre Arend-Fixmer, 33 rue de Larochette, L-7661 Medernach) en Dag an der Stëllt mat ze maachen, mat perséinlech a gemeinschaftlech Zäiten.
Dësen Dag ass Mëttwochs, den **12 Juni 2024, vun 9.00 bis 16.00 Auer**. Käschte-bedeelegung ass 25€, Mëttegiessen matabegraff. Wien interesséiert ass dëse Gebietsdag matzemachen, kann sech beim Pater Flammang 661746852 oder jjf@scj.lu bis spéitestens den 29. Mee umellen. Merci.

Kuckt Iech de Parbréif gutt un. Esou munch Flottes ass organiséiert, wéi en Ausflug op Maria Laach, e Moiesgebiet zu Randschëlt, de Weekend vun den oppene Kierchen, an dann och eng

## AFSCHLOSS-FEIER VUM PASTORALJOER 2023-2024

*(Détailer S. 9.)*

op déi jiddereen intivéiert ass, och Kanner a Jonker. Et muss een sech just umellen bis den 30. Mee am Parbüro.

Mat menge beschte Gréiss,
*P. Jean-Jacques Flammang SCJ*
*Curé-modérateur Par Atertdall Sainte-Claire*

# Über das Heilige Jahr 2025



Papst Franziskus bei einer Audienz mit Medienvertretern im Januar 2024

© KOMMWIRT / Christian Schnaubelt

Das Heilige Jahr 2025 in Rom wird unter dem Leitwort **„Pilger der Hoffnung“** stehen und greift damit ein zentrales Thema von Papst Franziskus auf. Es ist ein sogenanntes ordentliches Heiliges Jahr, das alle 25 Jahre stattfindet. Die Stadt Rom rechnet für 2025 mit rund 45 Millionen Pilgerinnen und Pilgern, Besucherinnen und Besuchern. Für das Heilige Jahr 2025 hat Papst Franziskus festgelegt, dass es mit der Öffnung der Heiligen Pforte in der Heiligen Nacht im Petersdom am 24. Dezember 2024 beginnt.

Die Idee der Heiligen Jahre geht auf Papst Bonifaz VIII. zurück, der für das Jahr 1300 ein besonderes, zunächst nur für die Römer gedachtes Pilgerjahr ausrief. In der Einberufungsbulle, die den Beginn auf den 22. Februar 1300 datiert, sind allerdings noch nicht die Begriffe „Heiliges Jahr“ bzw. „Jubeljahr“ verwendet worden. Der Rhythmus der Heiligen Jahre war von Beginn an Schwankungen unterworfen. Bonifaz VIII. legte ihn auf alle 100 Jahre fest, schon bald folgten Änderungen auf einen Abstand von 50 und 33 Jahren. Papst Paul II. legte 1470 endgültig den Rhythmus auf 25 Jahre fest.

JUBILÄUM 2025
PILGER DER HOFFNUNG

## Logo Jubiläum 2025

Im Jubeljahr 2000 kamen rund 25 Millionen Pilger und Besucher nach Rom. Papst Johannes Paul II. hat die Möglichkeit außerordentlicher Heiliger Jahre eingeführt. Zuletzt rief Papst Franziskus 2015/2016 das außerordentliche Heilige Jahr der Barmherzigkeit aus.

Grundlegende Elemente der Heiligen Jahre sind die Wallfahrt nach Rom und das Durchschreiten der Heiligen Pforten in den vier Patriarchalbasiliken (Petersdom, Santa Maria Maggiore, Sankt Paul vor den Mauern und Lateran). (Quelle: www.dbk.de)



## KATECHES & KOMMIOUN

**>> Aschreiwungen fir d'Kateches 2024-2025 <<**

**>> Aschreiwungen fir d'Kommioun 2025 <<**



Léif Elteren,
Déi nei Aschreiwungen fir d'Kateches a fir d'Kommioun lafen un **ab 17. Juni 2024**.
Informatiounen kritt dir am Parbüro Tel: 23 62 10 53
**Umeldungen nëmmen per Mail: inscription.cate.attertdall@gmail.com**
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir dann op eisem Site:
https://web.cathol.lu/article6545

**D'Aschreiwungen gin bis den 30. August 2024.**



## CATÉCHÈSE & COMMUNION

**>> Inscription à la catéchèse 2024/2025 <<**

**>> Inscription pour la Communion 2025 <<**



Chers parents,
Les inscriptions pour la catéchèse et la communion débuteront le **17 juin 2024**.
Informations auprès du secrétariat paroissial Tél: 23 62 10 53
…**Inscriptions uniquement par mail: inscription.cate.attertdall@gmail.com**
Les fiches d'inscriptions seront disponibles sur notre site:
https://web.cathol.lu/article6545

**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 30 août 2024.**

## Aschreiwungen fir d'Firmung 2025

Informatiounen am Parbüro Tel: 23 62 10 53 oder Mail: atertdall@cathol.lu
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir op eisem Site:
https://web.cathol.lu/article4406 (Firmung)

**D'Aschreiwungen gin bis den 30. August 2024.**



## Inscriptions au sacrement de la confirmation 2025

Information auprès du secrétarait paroissial Tél: 23 62 10 53
ou par mail: atertdall@cathol.lu
Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site:
https://web.cathol.lu/article4406 (confirmation)

**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 30 août 2024.**

**30. Juni um 18.30 Auer zu Réiden am Centre polyvalent:**

**FORUM mam Thema: Réckbléck an Ausbléck iwwer d'Parliewen a Virbereedung vum hl. Joer 2025 ënner dem Leitwuert : « Pilger der Hoffnung »**


*Org.: Pastoralrot*




**WEEKEND vun den OPPENE KIERCHEN 1. & 2. Juni 2024**

## an der Gemeng Groussbus-Wal

D‘Kierchen zu Bëschrued, Gréiwels, Heeschpelt, Kéiber, Randschelt, Wal, Dellen a Groussbus sin op vun 9 bis 19 Auer a waarden drop fir entdeckt ze ginn.




**Wat gët zousäzlich gebueden?**



**An der Kierch zu Wal ass eng Ausstellung zum Thema:**
**„Blummen a Planzen an eise Kierchen“**

## Sonndes, den 2. Juni 2024:

- **zu Bëschrued**

**um 14.00 Auer bei der Kierch ass eng geféiert Wanderung bei d’Kräiz am Massebësch (2 km)**
Ënnerwee probéiere mir eraus ze fannen wouhier de Numm „Massebësch“ kënnt a wéisou ee Kräiz do steet?

- **zu Wahl**

**um 16.00 Auer um Veräinsbau:**
**Virtrag mat der Historikerin Jenny Habets** iwwert d’Auswierkungen vun der franséischer Revolutioun an eise Géigenden.

Uschléissend Kaffisstuff *(Frënn vun der Bëschrieder Kierch)*

**Häerzlich Invitatioun**

Mir feieren den **AFSCHLOSS VUM PASTORALJOER** zesummen mat de Kanner aus der Kateches, der Jugend an de Firmlingen a mat allen Leit aus der Par,



**Samschdeg, den 8. Juni 2024 zu Iewerleng**
**um 10. 30 Auer ass Ofschlossmass**
**vum Pastoraljoer a vun der Kateches**

uschléissend e Verre de l'amitié am Centre culturel, an e gemeinsame Pic-nic, wou jiddereen matbrengt, wat e wëllt iessen.

---

**D'ACFL – Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire lueden iech an op een Dagesausflug op Maria Laach (D) en**

**Donneschdeg, de 4. Juli 2024**



Programm, Informatiounen an Umeldungen w.e.gl. <u>bis den 20.6.</u> beim Diane Flammang Tel: 691 110 583 oder Mail: diane_flammang@yahoo.de



Dir fannt de Flyer och op eisem Site an der Rubrik „ Agenda".

---

D'Par Aterdall Sainte-Claire zesummen mat der Chorale Gemeng Wal invitéiert Iech ganz häerzlech op ee

**MOIESGEBIET UM MEDITATIOUNSWEE**
**"Randschleider Pad"**

**Samschdes, de 6. Juli 2024 moies um 7.00 Auer**

Gemittlichen Tréppeltour um Randschleider Pad, mat meditativen Texter a Lidder, mä och mat Passagen vun absolutter Stëllt wou et dréms geet de "Sound of silence" (den Klang der Stille) ze erliewen.
Jiddereen ass wëllkomm an eng Umeldung ass nit erfuerdert.

*Zum Schluss vun der Wanderung invitéiert de Gesank Gemeng Wal op eng Taas Kaffi.*

---

# AGENDA: Massen – Fester – Feieren

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch** | **22. Mee** | |
| **Osper** | **18.30** | **Mass**<br>Verst. Fam. Goedert-Schmit<br>Liew. & Vert. Fam. Glesener-Leytem, Fam. Leytem-Arend, Fam. Wantz-Leytem<br>Stg. fir Wohltäter |
| **Freideg** | **24. Mee** | |
| **Réiden** | **9.30** | **ACFL Par Atertdall – Sitzung Comité** |
| **Samschdeg** | **25. Mee** | |
| **Näerden** | **14.00** | **Hochzäit Caroline GAASCH - Luc SCHONS** |
| **Nidderpallen** | **14.00** | **Kateches „Teens“**  |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Ell** | **18.30** | **Virowendmass**<br>6.WM Marie-Josée Bertemes<br>1.JM Ben Schaaf<br>Verst. Fam. Wersandt a Weis<br>Stg. fir Wohltäter |
| **Sonndeg** | **26. Mee** | **Hëlleg Dräifaltegkeet - Trinitatis** |
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Useldeng** | **10.30** | **Houmass**<br>Jos a Léonie Anzia-Sossong<br>op Meenung (E)<br>Stg. Fam. Grof, Parries u. Wohltäter<br>Stg. Fam. Frank-Ravignat-Kohn-Goldschmit-Wagner (Rip) |
| **Réiden** | **18.30** | **Kiermesmass fir d‘Par uschléissend Griewerseenung** |
| **Dënschdeg** | **28. Mee** | |
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet**  |
| **Dellen** | **18.30** | **Mass**<br>Karl Dahm<br>Armand Steichen<br>Fam. Mack-Hansen<br>Jos a Suzanne Hoffmann-Schroeder<br>Fam. Schuster-Jacoby-Petry & Antoinette Schuster<br>Stg. R.D. Michel Kreins<br>Stg. Famill Meyers-Meyers-Lies |

**Mëttwoch 29. Mee Hl. Maximin**

**Réiden 18.30 Mass**
Liew. & Verst. Memberen vun de Fraen a Mammen Sektioun Réiden
**uschléissend Generalversammlung vun der ACFL- Fraen a Mammen Sektioun Réiden mat Chèque Iwwerreechung fir de "Waasser Projet Madagaskar"**

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

## Gebetsanliegen des Papstes für den Monat Juni

Wir beten, dass Migranten, die vor Krieg oder Hunger fliehen und zu einer Reise voller Gefahren und Gewalt gezwungen sind, in ihren Aufnahmeländern Akzeptanz und neue Lebenschancen finden mögen.

oppe Kierchen

## WEEKEND vun den OPPENE KIERCHEN 1. & 2. Juni

**10. Jubiläum** *(Info S.8)*

**Samschdeg 1. Juni**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**
**Préizerdaul 18.30 Virowendmass**
6.WM Luigi Mazzone
6.WM Delphine Fisch-Hennicot

**Sonndeg 2. Juni HÄRLÄICHENDAG – FÊTE DIEU**

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***
**Groussbus 10.30 Danksagunsmass fir d'Kommiounskanner**
Lex Elsen
Stg. Famill Biver-Gilbertz
Stg. Famill Schon-Rasqué
Stg. Wohltäter der Kirche
**Groussbus 11.30 Daffeier Mia KAJIC**
**Réiden 18.30 Messe en français**

**Dënschdeg 4. Juni**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet**

**Mëttwoch 5. Juni Hl. Bonifatius, Bëschof, Märtyrer (+754)**

**Viichten 18.30 Bibelowend mam Thema:**
**«Der Fall des Menschen» Genesis 3**

Bibel teilen
glauben teilen

## Freideg 7. Juni Hellegt Häerz Jesu

**Viichten 18.00 Rousekranzgebiet** 

**Iewerleng 18.30 Mass zum Häerz-Jesu Fest**
Jos Kerger
Martine Turmes-Kleer
Fam. Engel-Kerger-Graf-Kohnen
Eheleit Hillmann-Kreb & Eheleit Schmit-Kleer
Fam. Grotz-Rieff an Janssen-Dengler

## Samschdeg 8. Juni Onbefleckt Häerz vu Maria

**Iewerleng 10.30 Afschlossmass vum Pastoraljoer a vun der Kateches** 
*(Info S. 9)* *(Mëttigiessen am Centre culturel)*

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**

**Viichten 17.30 Daffeier Laure STEINER-STREITZ** 

**Viichten 18.30 Virowendmass**
Liew. & Verst. Memberen v.d. Seniorefrënn Vichten
Emile & Triny Simon-Staudt & Félix Simon, Erwin & Aline Malinowski-Devillet
Fam. Thilmany-Goedert & Fam. Arendt-Koster
Stg. Alice Reuter; Stg. fir Wohltäter

## Sonndeg 9. Juni 10. Sonndeg am Joreskrees

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***

**Biekerich 10.30 Houmass**

**Kolpech 17.00 Kiermesmass**
Famill Weis-Braun
Stg. Fam. Bernardy, Kalmes u. Wohltäter
Stg. Pfarrer Grof u. Schaul u. Wohltäter
**uschléissend Griewerseenung**

**Réiden 18.30 Owesmass** Stg. Wohltäter der Kirche (Np)

## Dënschdeg 11. Juni Hl. Barnabas, Apostel

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

## Mëttwoch 12. Juni

**Miedernach 9.00-16.00h OASIS - een Dag an der Stëllt**
*Centre „Étangs„* *Org.: CVX Vie Chrétienne* *(Info S. 5)*

## Donneschdeg 13. Juni Hl. Antonius v. Padua

**Rued 18.30 3/4 Stonn fir mech mam Härgott**
**Thema: Fréijoer**

| **Samschdeg** | **15. Juni** | |
|---|---|---|
| **Randschelt** | **11.30** | **Daffeier Léa WILTGEN** |
| **Biekerich** | **14.30** | **Hochzäit Carine SCHILT - Daniel BOCK** |
| **Préizerdaul** | **15.00** | **Hochzäit Cheryl LUCK - Max BALDELLI** |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Wahl** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Gedenkmass Léon Marx<br>Roby Kneip<br>François a Roland Mores, Bernard a Catherine Lucius-Laschette |

| **Sonndeg** | **16. Juni** | **11. Sonndeg am Joreskrees** |
|---|---|---|
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Osper** | **10.30** | **Houmass**<br>Verst. Fam. Goedert-Schmit<br>Stg. Henriette Muller-Wirth |
| **Osper** | **11.30** | **Daffeier Lyara DE OLIVEIRA RODRIGUES** |
| **Réiden** | **18.30** | **Owesmass**<br>Stg. Wohltäter der Kirche |

| **Dënschdeg** | **18. Juni** | |
|---|---|---|
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet** |
| **Iewerleng** | **18.30** | **Taizé-Gebiet** |

***>> Redaktiounsschluss fir de nächsten Parbréif <<***

| **Donneschdeg** | **20. Juni** | |
|---|---|---|
| **Préizerdaul** | **17.00 - 18.30** | **Ubiedung – Adoration** |
| **Préizerdaul** | **18.30** | **Mass**<br>Nic Schaus & Ketty Schmit<br>Stg. Eheleit Frank-Weber<br>Stg. Wohltäter v.d. Kierch |




| **Freideg** | **21. Juni** | **Hl. Aloisius Gonzaga (+1591)** |
|---|---|---|
| **Ell** | **18.30** | **Rousekranzgebiet** |
| **Viichten** | **19.00** | **Te Deum** |



Lobgesang, benannt nach den Anfangsworten **"Te Deum laudamus" ("Dich, Gott, loben wir").** Das Tedeum wird als Dank- und Loblied der Kirche v. a. an Festtagen oder bei Prozessionen, Priesterweihen, Kommunionfeiern und anderen feierlichen Anlässen gesungen.

## Samschdeg 22. Juni Virowend vun Nationalfeierdag



| | | |
|---|---|---|
| **Biekerich** | **17.00** | **Te Deum** |
| **Préizerdaul** | **18.00** | **Te Deum** |
| **Wahl** | **18.00** | **Te Deum** |
| **Ell** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Liew. & Verst. Fam. Diederich-Meyers<br>Fam. Didier-Rodenmacher |
| **Ell** | **19.00** | **Te Deum** |
| **Réiden** | **19.00** | **Te Deum** |

## Sonndeg 23. Juni NATIONALFEIERDAG

| | | |
|---|---|---|
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Groussbus** | **10.30** | **Houmass**<br>JM Mathias Schaltz<br>Roger Duhem & Livio Tomassini |
| **Useldeng** | **10.30** | **Te Deum**  |
| **Biekerich** | **11.00** | **Daffeier Aliénor ETESSE**  |
| **Réiden** | **18.30** | **Virowendmass** |

## Méindeg 24. Juni Geburt vum Hl. Johannes den Deefer

| | | |
|---|---|---|
| **Useldeng** | **18.30** | **Mass**<br>Fam. Schroeder-Miller<br>Stg. Fam. Rich-Ketter-Beck-Hemmen-Schaus-Hermann-Höltgen-Hennico-Kemp-Wanderscheid |

## Dënschdeg 25. Juni

| | | |
|---|---|---|
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet**  |

## Mëttwoch 26. Juni

| | | |
|---|---|---|
| **Bëschrued** | **18.30** | **Mass**<br>JM Olga Didier; Verst. Fam. Ferber-Didier an Didier-Feyder<br>Stg. Marcel Bourg<br>Stg. Geschwister Didier<br>Stg. Josy Ferber u. Agnes Didier<br>Stg. Alphonse Mertens u. Marguerite Schaeffer |

## Freidig 28. Juni

| | | |
|---|---|---|
| **Everlange**<br>*Centre culturel*<br>*(Info p. 4)* | **19.00** | **Présentation de la thèse du *Dr. Vincent Billot* „Romano Guardini et les enjeux de la théologie d'aujourd'hui".** |

**Samschdeg 29. Juni Hl. PETRUS & Hl. PAULUS**

**Viichten 17.00 Kateches „petite pasto“** 

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**

**Préizerdaul 18.30 Virowendmass & Fest «Notre Dame de la route»**




Sophie Lauer-Endres, Erwin & Aline Malinowski-Devillet
François Schroeder & Fam. Schroeder-Harpes
Stg. Eugène Calmes

**uschléissend Seenung vun de Gefierer**

*(all Gefierer si wëllkom, Trakteur, Veloën...etc Départ beim Kierficht, laanscht d’Kierch, de Schlësseschbierg eraf)*

**Sonndeg 30. Juni 13. Sonndeg am Joreskrees**

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***

**Groussbus 10.30 Houmass mat Daffeier vum Mariam SARGSYAN**

**1.Kommiounfeier vum Mariam SARGSYAN a vum Leandro Rafael GODINHO TEIXEIRA**

**Groussbus 11.45 Daffeier Ella DE STAERCKE-PELLER** 

**Réiden** *Polyvalent* **18.30 FORUM** mam Thema: **Réckbléck an Ausbléck iwwer d’Parliewen a Virbereedung vum hl. Joer 2025 ënner dem Leitwuert : « Pilger der Hoffnung »**

*(Info S. 5)* Org.: Pastoralrot

**Réiden 18.30 Keng Mass**

**Gebetsanliegen des Papstes für den Monat Juli**

Für die Seelsorge der Kranken. Wir beten, dass das Sakrament der Krankensalbung den Menchen, die es empfangen, und ihren Angehörigen die Kraft des Herrn schenkt und für alle immer mehr zu einem sichtbaren Zeichen der Barmherzigkeit und Hoffnung wird.

**Dënschdeg 2. Juli Mariä Heimsuchung - Visitation B.V.M**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

**Mëttwoch 3. Juli Hl. Thomas, Apostel**

**Osper 18.30 Owesmass**

Verst. Fam. Goedert-Schmit
Stg.fir Wohltäter

**Donneschdeg 4. Juli**

| | | |
|---|---|---|
| **Maria Laach**<br>*(Info S. 9)* | **9.00** | **Ausflug op Maria Laach (D)**<br>Org: ACFL Par Atertdall Sainte-Claire |

**Freideg 5. Juli Häerz-Jesu-Freideg**

| | | |
|---|---|---|
| **Viichten** | **18.00** | **Rousekranzgebiet** |

**Samschdeg 6. Juli**

| | | |
|---|---|---|
| **Randschelt**<br>*(Info S. 9)* | **7.00** | **Moiesgebiet um Randschleider Pad**<br>*Org.: Chorale Gemeng Wahl* |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Vichten** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Fam. Thilmany-Goedert & Fam. Arendt-Koster<br>Stg. fir Wohltäter |

**Sonndeg 7. Juli 14. Sonndeg am Joreskrees**

| | | |
|---|---|---|
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Ielwen** | **10.30** | **Houmass**<br>1.JM Georges Zimmer |
| **Randschelt** | **12.00** | **Daffeier Josy & Jim Eilenbecker** |
| **Kolpech**<br>*Kierch* | **17.00** | **Concert**<br>*Org.: "Société des amis de Colpach"* |
| **Réiden** | **18.30** | **Messe en français** |

**Dënschdeg 9. Juli**

| | | |
|---|---|---|
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet** |
| **Réiden** | **19.00** | **Equipe liturgique** *am Parzentrum* |

**Mëttwoch 10. Juli**

| | | |
|---|---|---|
| **Nojem** | **18.30** | **Mass**<br>Juliette Nothum-Dahm<br>Fam. Welscher-Kayser, Waxweiler-Welscher, Welscher-Schneider a Margot Waxweiler-Pletschet<br>Stg. Eheleute Baptiste Reckinger |

**Donneschdeg 11. Juli Hl. Benedikt v. Nursia (+547)**

| | | |
|---|---|---|
| **Ielwen** | **18.30** | **3/4 Stonn fir mech mam Härgott**<br>**Thema: „Rou“** |

**Ps 62,3**

**Bei Gott allein kommt meine Seele zur Ruhe, von ihm kommt mir Hilfe.**
**Nur er ist mein Fels, meine Hilfe, meine Burg; darum werde ich nicht wanken.**

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **13. Juli** | |
| **Useldeng** | **11.00** | **Daffeier Elena CARRILHO CARVALHO** |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Ell** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Verst. Fam. Diederich-Baustert & Diederich-Linden |



| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | **14. Juli** | **15. Sonndeg am Joreskrees** |
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Gréiwels** | **10.30** | **Kiermesmass zu Éier vum Hl. Donatus**<br>JM Marcel Schartz & Bertha Brückler<br>Ida an Alfred Schartz-Rodenbour<br>Anna Roulling-Dahm<br>**uschléissend Griewerseenung** |
| **Réiden** | **18.30** | **Owesmass** |



## Pilgermass an d'Oktav vun de Paren
## Rammerich Saint-Valentin & Atertdall Sainte-Claire









**1.Mee 2024**



# Schoulsak-Aktioun 2024
# Action Cartable 2024
## 1.7.- 20.7.2024.



Aarm Kanner an Ost-Europa brauchen **1 Schoulsak / Rucksak** (a guddem Zoustand) mat **Schoulmaterial** fir an d'Schoul ze goen:

| | | |
|---|---|---|
| 2 Hefter (normal Heisercher) | Notizblock | Lineal a Schéier |
| (nei) Schachtel mat 4 Bläistëfter | Gummi | 2 Bic'er |
| nei Stëfter an Holzfaarwen | Spëtzer | Molbuch |

An och: Mutz, Schal, Händschen, waarm Strëmp, e Kuscheldéier, eng kleng Spillsaach, 1 Tut Kamellen an 1 Zännbischt mat Zähnseef. W.e.g. *kee Schokela* am Summer.

Dir kënnt all Aarten vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn.

Dir hutt awer och d'Méiglechkeet fir Geld op de Sammelplaatzen ofzeginn, fir Schoulsäck vun eis fëllen ze loossen (50 € pro Schoulsak) oder een Don fir d'Transportkäschten ze maachen.

Ausserdeem sammele mir zou Olm Kannerspillsaachen, Veloen, Babybettercher mat Matratz a Gedecks, komplett Kannerkutschen, Buggys, Kannerkleeder a waarm Decken. Alles w.e.g an engem properen a gudden Zoustand. Well de Kamion just nach zou Olm oplued, biede mir Iech all déi Saachen direkt do ofzeginn. Villmools Merci fir Ärt Verständnis an Entgéintkommen.

*Des enfants démunis en Europe de l'Est ont besoin d'**un cartable / sac à dos** en bon état, rempli de **matériel scolaire**, pour aller à l'école :*

| | | |
|---|---|---|
| *2 cahiers (carreaux normaux),* | *bloc-notes* | *règle et ciseaux* |
| *(nouvelle) trousse avec 4 crayons* | *gomme* | *2 bic's* |
| *nouveaux feutres et crayons couleurs* | *taille-crayon* | *cahier de coloriage* |

*En plus : Bonnet, écharpe, gants, bas chauds, un nounours, un petit jouet, 1 sachet de bonbons, 1 brosse à dents avec du dentifrice.* S.v.p. pas de chocolat en été.

*Vous pouvez aussi remettre toute sorte d'articles scolaires aux points de collecte.*

*Vous avez aussi la possibilité de donner de l'argent aux points de collecte pour remplir des cartables par nos soins (50 € par cartable) ou faire un don pour les frais de transport.*

*Nous collectons à Olm aussi des jouets, des vélos, des lits de bébé avec matelas et literie, des landaus avec literies, poussettes, vêtements d'enfants et des couvertures chaudes. Le tout svp. en propre et bon état. Comme le camion sera seulement chargé à Olm, nous vous prions d'y amener directement tous ces articles. Merci beaucoup pour votre compréhension.*


**KANNER AN FAMILLJENHËLLEF a.s.b.l.**

Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm Tel: 661 309 320

CCPLLULL LU61 1111 7038 8755 0000 RCS: F10515


Kanner an Familljenhëllef a.s.b.l. LËTZEBUERG an Zesummenaarbecht mat TRIUMPH DES HERZENS

## Sammelplaz / Point de collecte:

Marie-Claire Rasqué 6, Hatzebierg L- 8526 Colpach-Bas

Tel: 23 62 07 20 / 621 618 855

# KOMMIOUNSKANNER 2024



Useldeng
7.4.2024

*Foto Marc Pletgen*



Groussbus
14.4.2024

*Foto Charel Reiser*



Biekerich
28.4.2024


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
Mir stinn lech zur Säit fir Äert Graf vun Äre léiwe Verbliwwenen ze ënnerhalen. Schéi Blummen, ofwäschen oder nei ausfouen.
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu